N°203
Entrée le 19.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Juegdhënn sinn Hënn, déi vun hire Besëtzer dorop trainéiert ginn, am Bësch aner Déieren ze erschnoffelen a si eventuell an eng Richtung ze joen oder ze apportéieren. Esou ginn dës Hënn beispillsweis bei der Juegd agesat, wou d'Hënn gäre vu verschiddene Jeeër genotzt ginn, fir zum Beispill Huesen ze fannen an se zréck bei si ze brengen. Déiereschutzorganisatioune wéi PETA kritiséiere verschidden Ausbilungsmethode vu Juegdhënn, wéi se zum Beispill beim trainéiere vum Apportéiere vu liewegen Déieren zum Asaz kommen, schaarf. An der Fro n°4199 hat ech der deemolegen Emwëltministesch éischt Froen zur Ausbildung vun den Hënn gestallt. D'Ministesch huet erkläert, dass dem Ministère nëmmen eng Associatioun bekannt wier, déi sech op d'Ausbildung vu Juegdhënn spezialiséiert huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Vu wiem ginn dës Ausbildungen ugebueden?
2. Wat fir Coursë sinn an de leschte 5 Joer ugebuede ginn? Wéi oft ginn esou Coursen am Joer ugebueden?
3. Wéi laang dauert d'Grondausbildung vun engem Juegdhond?
4. Ass dem Minister bekannt, wéi vill Leit an de leschte 5 Joer un esou Ausbildungen Deel geholl hunn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°203
Entrée le 26.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vun dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°203 vum 19. Januar 2024 vun dem éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert "Chiens de chasse"**

**1. Vu wiem ginn dës Ausbildungen ugebueden?**

Hei zu Lëtzebuerg ass dem Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit just d'Centrale du Chien de Chasse bekannt déi Ausbildunge fir Juegdhënn ubitt an d'Hënn och no internationalen a nationale Prüfungskrittäre préift.

**2. Wat fir Coursë sinn an de leschte 5 Joer ugebuede ginn? Wéi oft ginn esou Coursen am Joer ugebueden?**

De Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit féiert kee Regëster iwwert d'Coursen an d'Unzuel vun dësen déi vun der Centrale du Chien de Chasse ugebuede ginn.

Den honorablen Deputéierte kann déi Informatioune sécherlech bei der Centrale du Chien de Chasse bezéien.

**3. Wéi laang dauert d'Grondausbildung vun engem Juegdhond?**

Eisen Informatiounen no fänkt d'Ausbildung vu Juegdhënn am Alter vun 8 Wochen un. D'Grondausbildung selwer fänkt, ofhängeg dovunner wéini si am Joer gebuer sinn, tëschent 6 Méint an 1,5 Joer un, an dauert ca. 6 Méint. Déi meescht Hënn ginn allerdéngs doriwwer eraus weider ausgebilt.

D'Centrale du Chien de Chasse kann hei sécherlech weider Informatiounen ginn.

**4. Ass dem Minister bekannt, wéi vill Leit an de leschte 5 Joer un esou Ausbildungen Deel geholl hunn?**

Nee dës Zuelen sinn net bekannt.

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit